N°2121
Entrée le 20.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

D'EU-Länner mussen an Zukunft selwer méi fir hir Verdeedegung maachen a vill Länner preparéieren dofir massiv Investissementer an hir Verdeedegung. Och déi lëtzebuergesch Regierung huet ugekënnegt, dass d'Verdeedegungsausgabe wäerten an d'Luucht goen. An der Vergaangenheet goufe schonns eng Rei Rekordinvestissementer gemaach, dorënner d'lescht Joer vun 2,6 Milliarden Euro fir den Akaf vu Gefierer.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Kann d'Ministesch oplëschten, aus wéi enge Länner dat lëtzebuergescht Militärmaterial an deene leschten 10 Joren akaf ginn ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten